# DECLARATION RELATIVE AU FONCTIONNEMENT DU CONSEIL COMMUNAL

Commune de Schengen, 24 octobre 2023

Här Burjemeeschter, Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Häre Conseilleren,

Am Numm vun der Fraktioun "Besser Zesummen" wollt ech kuerz Wuert agräifen, fir iwwert d'Zesummenaarbecht am Gemengerot ze schwätzen. Mir begréissen et ausseruerdentlech, dass mir elo schonn e puer Aarbechtssëtzungen hate, wou verschidde Projeten an Dossiere virgestallt goufen. Dat ass ganz luewenswäert. Allerdéngs si jo esou Sëtzungen net an der loi communale virgesinn, dat heescht, dass Decisiounen am Gemengerot geholl ginn. Ech mengen esouwäit si mir eis eens.

Dat Wuert Gemengerot kënnt vun "sech beroden", heescht Argumenter austauschen an diskutéieren. Dat Wuert Gemengerot kënnt net vun "roden".

Fir des Sëtzung krute mir gefillten Dausend Säiten Dokumenter zur Verfügung gestallt. Jo mir wëssen, dass d'Gesetz virgesäit, dass spéitstens 5 Deeg vrun der Sëtzung den Ordre du jour an Dokumenter zur Asiicht fir d'Gemengerotsmemberen zur Verfügung stoe mussen. Sie kennen awer och éischter zougänglech gemaach ginn. Et ass materiell onméiglech, all déi Dokumenter a 5 Deeg duerchzeknaen, d'autant plus, dass do héich technesch a komplex Dossiere wéi PAG, PAP, Pacte Logement an anerer dobäi sinn. De Conseiller muss also ufänke mat roden an sech op säi Bauchgefill verloossen, idealerweis sech an der Fraktioun austauschen, fir sech eng Meenung ze bilden.

Eis Fraktioun huet no der éischter an zweeter Aarbechtssëtzung Zousazinformatioune schrëftlech ugefrot, fir besser informéiert ze sinn an d'Virgeschicht vu verschidden Dossier ze kennen. Ee puer Dokumenter krute mir, mee de groussen Deel krute mir net.

Dofir wäert et eis dofir haut net méiglech sinn, fir "en connaissance de cause" op verschidden Theme matzeschwätzen an ofzestëmmen.

Mir proposéieren dem Schäfferot fir an den nächsten Deeg ee "Büro" zesummenzesetzen, bestoend aus dem Schäfferot, dem Gemengesekretär a jee 2 Vertrieder vun de Fraktiounen "Är Ekipp" an "Besser Zesummen" fir zesummen ze kucke, wéi mir eis fir d'Zukunft besser kennen opstellen an organiséieren, dëst am intérêt supérieur vun de Bierger a Betriber.

Mir soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Virgedroen fir d'Fraktioun « Besser Zesummen »
vum Tom BELLION, Conseiller